N° 4689
Reçue le 20.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.07.2021

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an den Här Policeminister weiderzeleeden.

Wéi op enger Rei, an de Medie veröffentleche Fotoen ze gesi war, war zu Iechternach och de Policebüro vun de rezenten Iwwerschwemmunge betraff. Grad an enger Krisesituatioun ass e gudde Fonctionnement vun der Police awer essentiel.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

1) Kann d'Regierung elaboréieren, ob nach aner Policebüroen am Land vum Héichwaasser betraff waren? Wa jo, wéi eng?
2) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi héich de Montant vum Schued ass? Wa méi Kommissariater betraff sinn, kann d'Regierung dann de Schued no deenen eenzele Büroen opschlësselen?
3) Goufen duerch d'Héichwaasser wichteg Dokumenter an/oder Policearchive beschiedegt? Wa jo, kann d'Regierung, natierlech ënnert dem Respekt vun den Dispositioune vum Dateschutz, elaboréieren, wéi eng?
4) Kann d'Regierung opschlësselen, ob a wéi eng Police Gefierer duerch d'Héichwaasser beschiedegt goufen?
5) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi eng Konsequenzen aus dësem Tëschefall gezu ginn, fir déi betraffe Gebaier grad a Krisesituatioune besser ofzesécheren?
6) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi dësen Tëschefall/dës Tëschefäll sech op d'Koordinatioun vun deenen eenzele Rettungsdéngschter an der betraffener Regioun/an de betraffene Regiounen ausgewierkt huet/hunn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**